

adr:

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire



Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Mee 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister an den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.


Den Artikel 28 vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017 (Nationalitéitgesetz) gesäit vir, datt eng Persoun, déi schonn 20 Joer am Land wunnt, d'Méiglechkeet huet, d'Lëtzebuenger Nationalitéit unzefroen an ze kréien. Dobäi gëtt d'Konditioun gestallt, datt de Kandidat un engem lëtzebuergesche Sproochecours vu 24 Stonnen deelhuele muss.

Dowéinst wéilt ech dës Froen un den Här Justizminister an den Här Educatiounsminister stellen:

1. Ass en offizielle Programm vun deene Sproochecoursen ausgeschafft ginn a wa jo, vu wéi enger Institutioun? Huet d'Regierung dee Programm offiziell gutt geheescht?
2. Kënnen déi Häre Ministeren zesumme faassen, wéi dës Programm an déi eenzel Coursen opgebaut sinn? Wat sollen d'Kandidate fir d'Lëtzebuenger Nationalitéit zum Schluss vun deene 24 Coursstonne geléiert hunn? Wéi gëtt dat iwwerpréift?
3. Ass ee beim Opbau vun de Coursen dovun ausgaangen, datt déi Leit, déi dorun deelhuele, sech no 20 Joer schonn eng Basis am Lëtzebuergeschen ugëeegent hunn, oder sinn d'Course fir absolut Ufänger ausgeluecht?
4. Wann et sech bei dëse Coursen ëm eng Pflicht handelt, wéi vill Feelstonden, wann iwwerhaupt, ginn dann toleréiert?
5. Wéi vill Leit hunn zënter dem neie Gesetz hir Kandidatur gestallt, fir d'Lëtzebuenger Nationalitéit op dës Manéier ze kréien? Mat wéi engem Resultat?
6. Wéi eng Erfarunge goufen an deenen éischte Course gesammelt? Wéi motivéiert sinn déi Leit déi schonn op d'mannst 20 Joer am Land wunnen ouni Lëtzebuergesch geléiert ze hunn, fir elo musse 24 Stonne Sproochecoursen ze maachen, fir d'Nationalitéit ze kréien?

7. Ass dru geduecht, fir niicht dem *Institut National des Langues* (INL) nach weider Institutiounen oder Gremien ze berechtegen, fir dës Coursen ze halen an ze zertificéieren? Wat sinn d'Konditiounen fir esou eng Berechtegung?
8. Wéi eng Persounen sinn, niewent de Professoren vum INL, nach eventuell berechtegt, dës Coursen ze halen an ze zertificéieren? Den Artikel 13 vum Gesetz vum 22. Mee 2009 gëtt zum Beispill deene Leit déi en „Zertifikat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur“ hunn, dat Recht ënner gewësse Konditiounen de Sproochenniveau vun de Leit ze evaluéieren. Ass dru geduecht, deene Leit och d'Méiglechkeet ze ginn, déi Sproochecoursen no Artikel 28 vum Nationalitéitengesetz ze halen oder den Niveau vun de Kandidaten ze evaluéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten